LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Gemeinsam Äntfert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet a vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5101 vum 13. Oktober 2021 vun den honorabelen Députéierten Fred KEUP an Fernand KARTHEISER**

**<u>Ad 1, 2 a 4.</u>**

Aktuell huet d'Police zwanzeg Elektroautoen. De groussen Deel kënnt bei administrative Servicer zum Asaz, déi fest Missiounen hunn an déi hier Déplacementer am Viraus kënne plangen.

Folgend Autoe sinn am Kader vun der E-Mobilitéit kaaft ginn. Dës Präisser sinn ouni de Police-Ëmbau oder aner Käschten (ewéi z.B. d'Homologatioun beim Tesla).

| Joer | Unzuel an Autostyp | Präis | Affektatioun |
|---|---|---|---|
| 2017 | 2x TESLA Model S | 217.570,00 € TTC | 1x Unité de la Police de la Route<br>1x Service regional de Police de la route "Capitale" |
| 2017 | 4x VW e-Golf | 178.420,52 € TTC | 3x Unité de Garde et d'Appui Operationel<br>1x Service de Police Judiciaire |
| 2019 | 4x KIA e-Niro | 167.996,00 € TTC | 1x Commissariat Grevenmacher<br>1x Commissariat Diekirch<br>6x Direction de la Police |
| 2020 | 4x KIA e-Niro | 167.395,97 € TTC | |
| 2021 | 6x RENAULT Zoé | 165.492,24 € TTC | 6x en voie de distribution |

Am Fall vun enger Urgence gëllen déi nämmlecht Dispositioune fir d'Elektroautoen ewéi och fir déi normal Police Gefierer.

**<u>Ad 3.</u>**

Aktuell sinn 21 eenzel Bornen à 22kW an 2 duebel Bornen à 22kW a Betrib. Weider 4 eenzel Bornen à 22kW sinn an der Realisatioun.

| Site | Unzuel an Aart vun Borne |
|---|---|
| Cité Policiaire Grand-Duc Henri Findel | 8 eenzel Bornen à 22kW |
| Grevenmacher | 2 eenzel Bornen à 22kW |
| Service d'Appui Logistique et Technique Hamm | 3 eenzel Bornen à 22kW |
| Unité Police de la Route Bertrange | 2 eenzel Bornen à 22kW |
| Service Police Judiciaire Hamm | 3 eenzel Bornen à 22kW |
| Diekirch | 1 eenzel Borne à 22kW |
| Ecole de Police Findel | 2 duebel Bornen à 22kW |
| Kirchberg | 2 eenzel Bornen à 22kW |
| Luxembourg, Bâtiment rue Curie | 1 eenzel Borne à 11kW (provisoire)<br>4 eenzel Bornen à 22kW (an der Realisatioun) |

Police ausgestallt, esou dat hei nach Gefierer mat thermesche Motor kenne bestallt ginn. Et sief awer präziséiert dat fir Gefierer vun der Police, déi fir reng administrativ Zwecker benotzt ginn, des Ausnamen net gëllen an doduerch nëmmen elektresch Gefierer ausgeschriwwe ginn.

Lëtzebuerg, den 16. November 2021

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX